# Aktivitéitsbericht vum Veräin FleegeElteren Lëtzebuerg asbl fir d´Kalennerjoer 2023 presentéiert an der GV vun der FEL vum 29.06.´24 zu Noumer op der Spillplaatz beim Schoulcomplex

Wëllkomm alleguer op eiser Generalversammlung. Mir freeën eis haut en flotten Dag mat ech all zesummen hei ze verbréngen. Ech hoffen dir kennt vill wäertvoll Informatiounen mat heem huelen, déi eng oder aner Fleegefamill kennen léieren an ech austauschen.

## - Informatioun:

Haut gin **Fotoen** gemaach, ween net wëllt op Photoen drop sin, kann eis uschwätzen, dann respektéieren mir ären Choix. D´Gesiichter vun den Kanner gin bei Publikatiounen verwëscht.

## - Weiderféieren vun der Neiopstellung vum Comité & Neiausriichtung vun den Aktivitéiten vum Verain :

Den Veräin as 2006 gegrënnt gin. Vill Comitésmemberen waren laangjäreg aktiv, hir Fleegekanner sin mëttlerweil groussjähreg, sie hun sech aus dem aktiven Comitesliewen zeréckgezunn. Nei Gesiichter sin dobaikomm, den Generatiounswiessel deen 2019 ungefaangen huet, geeht nach emmer sain Wee.

Deen läschten Comités-Member vun der „aler Generatioun" war den **Dick Okkerman**. Hien huet am Dezember ´23 annoncéiert daat heen sech aus dem Comité géing zeréckzéien.

Hien war massgeeblech drun bedeelegt d´Aktivitéiten vun der FLEK an dono der FEL fir d´éischt als Grënnungsmember, dunn als Comitésmember an dono och als langjäregen Präsident ze gestalten an ze leeden. Villes konnt ëmgesaat gin an sain Schaffen wäert nach laang nowierken, dovunner sin mir iwwerzeegt. Mir soen him e besonnesch groussen Merci daat heen nom Generatiounswiessel am Comité, deen 2019 ungefaangen huet, bereed war déi nei Equipe anzeschaffen an dësen Iwwergang mat senger ganzer Kraaft ze begleeden. Heen kann besonnesch stolz drop sin daat heen et fäerdeg bruecht huet 4 nei engagéiert Comitésmembren recrutéiert ze hun dei bereed sin hir Fraizäit zur Verfügung ze stellen fir daat waat 2006 bei der Grënnung vun der FLEK lancéiert gin as, weiderzeféieren.

Mir wollten him haut eis Dankbarkeet mat engem klengen Cadeau ausdrécken fir déi 17 Joer wou heen sech bénévoll fir eis Cause engagéiert huet. Leider war heen op dësem Samschdeg verhënnert.

Mir kennen versëcheren daat mir des wichteg gesellschaftlech Aufgab fir d´Rechter vun den FleegeElteren an hiren (Fleege)Kanner ze kämpfen wäerten mat Wäisheet, Kraaft an Ausdauer vun him iwwerhuelen.

Des Demissioun bréngt eng Emstrukturéierung vum Comité mat sech:

- d´**Mireille Molitor** Fleegemamm säit 2017, vun Eppelduerf an seit 2019 am Veräin engagéiert. iwwerhëlt d´Amt vun der Presidence,
- d´**Eve-Lynn Beckius**, Mamm an Fleegemamm vun Esch Uelzecht an Comitésmember seit dem Fréijoer ´22 iwwerhellt den Posten vun der Sekretärin.

Dann as seit 2021 och d´**Karin Schons** am Comité aktiv. Hat as Mamm an Fleegemamm vun Ernster an këmmert sech em d´Kees an wäert Iech herno den Keesebericht virstellen.

Zu gudder lescht schafft dann nach d´**Françoise Barthel** am Comité mat. Hat as seit der Generalversammlung 2023 dobäi. Hat as langjäreg Fleegemamm an bréngt zousätzlech Erfarung aus dem „dépannage" Beraich mat. D´Françoise as och Adoptivmamm an engagéiert sech als Benevole an der Pouponnière bei Elisabeth am accueil vun den Puppelcher vun 0-3 Joer.

Wéi der gesitt sin mir nëmmen zu 4 déi all dëst stemmen an mir géifen eis freeën nach e bëssen Ennerstëtzung am Comité ze kréien.

**→ Prioritéiten vun der Comitésaarbecht 2023 waren:**

- Lobbyaarbecht am Kader vun den Reformen protection jeunesse: Fleegeelteren eng Visibilitéit an Matsproochgelegenheet gin
- Comité nei opbauen
- Nei Memberen recrutéieren

## - 6 Comitésversammlungen (online & präsenz):

15.3., 20.4., 4.7., 13.10., 17.11., 11.12.

## - 18.6.´23: Generalversammlung 2022 zu Lëntgen

Mat Virstellung vun den Resultater vun der HERO-Studie vun der Uni.lu mam Thema : „Wohlbefinden bei Kindern und Jugendlichen in Fremdunterbringung in Luxemburg"

## - Memberen

Stand haut huet d´FEL 38 Memberen déi hir Cotisatioun 2024 bezuelt hun. ´23 waren et 26 Membren. Wann een weess daat mer aktuell +/- 475 Fleegefamillen zu Lëtzebuerg hun, as daat net genuch. Nëmmen zesummen sin mir stark an kennen och um politeschen Plang eppes bewierken!

Dofir en Opruff un ech all, bezuelt weg déi 20 €/Joer Memberschaft an leet dest och aneren Fleegefamillen un d´Häerz déi der kennt.

Et sin vill Fleegefamillen déi eis kontaktéieren fir Informatiounen zu diversen Themen ze kréien. Mir hëllefen ëmmer gäeren an stinn allen Fleegefamillen mat Rot an Dot zur Verfügung. Mir freeën eis natierlech och wann des dann eng Memberskaart bei eis huelen, waat awer net obligatoresch as.

## - Publikatiounen

Am Juli 2023 hun mir eis **Wahlfuerderungen** am Kontext vun der Reform vum « Projet de loi N°7994 portant aide, soutien et protection aux mineurs, aux jeunes adultes et aux familles » publizéiert an un all Acteuren verscheckt.

Am Oktober 2023 hun mir eng **lettre ouverte** mat eisen Revendicatiounen un den deemolegen formateur vun der neier Regierung den Luc Frieden verschéckt.

## - Aktivitéiten fir eis Memberen

Nieft dem traditionellen Pick-Nick op enger Spillplatz am Summer hun mir nach 2 wieder Aktivitéiten organiséiert:

- 25.05.´23 : **Konferenz** vun der FEL zum Thema „Pflegeeltern und ihre (Pflegekinder-)Kinder in Bezug auf das luxemburgische Erbrecht“
- 14.10.´23 : **Hierschtwanderung** vun der FEL

## - Mir hun un un folgenden Evénementer an Réuniounen deelgeholl:

- 27.4.´23: Entrevue mam **Ministère de la Sécurité sociale**
- 4.5.´23 : RDV mat den **3 Services d´accompagnement**
- Etude vum Avis conseil d´état vum 1.6.´23 zum Projet de loi N°7994
- 27.09.´23 : Kick Off Fuerschungsprojet vun der **uni.lu** „CHAMP“ (Suite vum HERO Projet) : „Wohlbefinden bei Kindern und Jugendlichen in Fremdunterbringung in Luxemburg“: Konferenz mam Tarren Sweeney
- 4.10.´23: Kongress **APFEL** (= **A**cting for **P**romotion of **F**ostering at a **E**uropean **L**evel). D´Memberen vum europäeschen Reseau vum accueil familial hun sech zu Belfort (F) getraff fir iwwert dësen Thema ze schwätzen « L'accueil familial en Europe : politiques, pratiques et enjeux »
- 17.10.´23 : Konferenz **Menje** : « Concepts de protection de l´enfance »
- 25.10.´23 : Austausch mat der belscher Fleegefamillenassociatioun „**Porte ouverte**“
- 7.11.´23: Entrevue mat der **Croix-Rouge**- Direktioun vum Service Accueil familial

- 13.11.´23 : Entrevue mat **Elisabeth**, Träger vun er eenzeger nationaler pouponnière (Accueil vun Kanner 0-3J.)
- 21.11.´23 : RDV mat der Equipe vun HERO/CHAMP vun der **uni.lu**
- 22.11.´23: Analyse vum **Koalitiounsvertrag**
- 24.11.´23 : Virstellen vum Verain an der **Formation de base**
- 29.11.´23 : Generalversammlung **ANCES**
- 12.12.´23 : De sozialen Stamminet organiséiert vun der **ANCES** : „D'Ausbildung vun den Erzéier*innen – wéi eng Erausfuerderunge stinn un?"
- 22.12.´23: Entrevue **ARCUS** General-Direktioun

## - Presseaarbecht:

- **Initiative Liewensunfank**: Baby News
- ANCES **Arc Bulletin**: Fremdbetreuung
- 11.10.´23: **Wort**: „„Wir brauchen doppelt so viele Pflegefamilien"
- 27. 07.´23: **Journal**: „Einmal Familie, immer Familie - oder?"
- 1. 05.´23: **Reporter**: „Warum es an Pflegefamilien mangelt"
- Virbereedungen fir en längeren **RTL Magazine** Reportage

## - Site web :

- Reegelméisseg mises à jour
- 2023: 24 News gepost

## - Newsletter

Mir hun 2022 eng Newsletter an d´Liewen geruff an 2023 as des 5 mol un d´Abonnenten verschéckt gin.

---

Dann géingen mer ech gären e puer Themenberäicher vun eiser Lobbyaarbecht méi am Detail virstellen:

## - Question parlementaire

Mir hun un enger Question parlementaire matgewierkt : N°7553 Déi Lénk iwwert d´Placementer vun Puppelcher an ganz klengen Kanner an den Klinicken an an den Pouponnièren.

Dëst as d´Suite vun der Question parlementaire N°6658 vun 2022 bei der mir och schon involvéiert waren.

## - Heure d´actualité

Mir hun d´Partei déi Lénk ënnerstëtzt bei der Virbereedung vun enger heure d´actualité au sujet des placements d´enfants déi den 11.07.´23 an der Chamber stattfonnt huet. D´Motioun vun der Deputéierter N. Oberweis as virun d´Chamberkommissioun vun der Educatioun renvoyéiert gin.

## - Neierungen bezüglech der "Annexe B" zu Gonschten vun Fleegekanner déi héiger Studien absolvéieren

Mir hun beim MENJE intervenéiert an et fäerdeg bruecht sie dervun z´iwwerzeegen daat hei nogebessert muss gin. D´Frais de vie fir Unis-Studenten sin vun 660 op 730€/Mount gehéicht gin an kennen mam CEDIES cumuléiert gin.

« Frais de vie pour jeunes adultes effectuant des études supérieures de 18 à 27 ans: Le service d’accompagnement accorde un montant de 730.-€ (au lieu de 660€ auparavant) au jeune de 18 à 27 ans effectuant des études supérieures. Le jeune fera annuellement parvenir un certificat de scolarité à l’ONE. »

## - Juristesch Schrëtter

Mir hun d´Karin Schons ënnerstëtzt daat sech derzou entscheet huet fir juristesch Schrëtter géint den Ministère an d´Weeër ze leeden fir den congé parental fir Fleegefamillen anzekloen. Fir d´éischt huet den Conseil arbitral vun der Sécurité sociale sech mam Dossier befaasst. Dësen huet 2023 d´Cour constitutionnelle mat enger Fro zur Constitutionalité befaasst. D´Verfassungsgericht huet am Januar ´24 sain Arrêt publizéiert. Lo geeht den Dossier zereck bei den Conseil arbitral vun der Sécurité sociale deen lo deemnächst wäert seng Entscheedung treffen.

## - Projet de loi N°7994 an Ausbléck 2024:

Den projet de loi zum Jugendschutz as den **5.4.2022** déposéiert gin an d´FEL huet am September ´22 eng Stellungnahm verfasst an un all Acteuren verscheckt

Den **20.02.2023** huet den Minister Claude Meisch Amendementer zu dem Text un d´Chamber iwwergin.

Den conseil d´état huet sain Avis zum Projet de loi N°7994 den **1.6.´23** publizéiert.

Leider stellen mir fest, datt vill vun eise Fuerderungen net berücksichtegt goufen. Eng Onmass Reunioune mat Politiker, Beamten an Acteuren aus der Kanner- a Jugendhëllef déi mir 2020, ´21 an ´22 haten konnten nach net dofir suergen, datt den Gesetzgeber eng Reform initiéiert, déi den accueil familial wierklech an de Mëttelpunkt vum Secteur reckelt an den intérêt supérieur de l´enfant bedingungslos emsetzt.

Mir hun eis dofir entscheed eis Aarbecht nach wieder ze intensivéieren an en Groupe de Travail ze grennen deen sech 100% desem Sujet widmed.

Den GT as vun Memberen vum comité vun der FEL an och vun externen Spezialisten zesummengestallt. Hei hun sech bereed erklärt matzeschaffen:

- d´**Véronique Lorang**: Mamm an Fleegemamm vun Sprenkeng. D´Véronique war Léierin an as haut pensionnéiert. Hat huet vill Erfahrungen aus diversen Weiderbildungen an der Bindungs- an Traumafuerschung mat an den GT bruecht
- D´**Particia Schon** : Fleegemamm vun Esch/Uelzecht. D´Patricia as Juriste vun formatioun an gewinnt mat juristeschen Texter emzegoen an dofir e wichtegen Pilier fir den GT.

Den GT huet sech zenter ufanks 2024 ganz intensiv mam PL ausenangersesaat, dovir hun sie sech all Woch getraff an zesummen diskuteiert.

Den GT huet och d'Evolutioun vun der Legislatioun an vun den Praktiken an den Nopeschlänner ganz genau ennert Loupe geholl an déi neisten Recherchen z-B. am Beraich vun den Neuro Sciences an d´Iwwerleeungen anfléissen gelooss.

Ziel as et konkret Amendementer zum Gesetzestext auszeschaffen an des dem MENJE zoukommen ze loossen. Op folgenden Punkten as geschafft gin :

1. Renouvellement des mesures ordonnées- Projet de vie (« pemanency planning »)
2. Exercice de l'Autorité Parentale
3. Congé d'accueil
4. Droit au procès
5. Droit de visite en cas de retour
6. Sécurité sociale (Pensioun)

Mir wellen onser Regierung am **September ´24** konkret Proposen maan dei am Interieur supérieur vum Kand sin an dei onsen Fleegekanner soumat mee Stabiliteit , Secherheet & Continuiteit gewähren an an engems och d'Fleegefamillen an hirem Alldag gengen ennerstetzen.

Och hei gin nach motivéiert Leit gesicht déi bereed sin sech am GT z´engagéieren.

## - Cotisations sociales

Wéi dir wesst cotiséieren d´Services d´accompagnement fir ech an d´Pensiounkees an. Heibai as beim Service Arcus en Rechenfeehler geschitt. Mir hun Arcus, den MENJE, den ONE an den Minsitère de la Sécurté sociale dorobber opmierksam gemach an iwwert en Joer laang insistéiert fir eng Léisung ze fannen. Ab 1.1.´24 as den Rechenmodell elo iwwerschafft gin an korrekt. Déi Feehler déi déi läscht Johren geschitt sin mussen nach redesseiert gin, dorunner get aktuell nach geschafft. Desen Dossier as immen technesch, wann dir gären dozou mei Detailer hätt dann schwätzt eis un.

## - Eduguichet

Mir sin beim MENJE intervenéiert fir daat Fleegeelteren accès op hir Fleegekanner am Eduguichet kréien. Mir hun do mat der nationaler Elterenvertriedung Drock gemach an esouguer un enger Question parlementaire (N°343 vum 16.02.24) matgewierkt. Mir sin frou daat déi teschnesch problemer lo endlech behuewen sin an daat dir an den nächsten deeg en offizeillen Courrier wäert kréien fir ech z´erklären wéi dir är Fleegekanner an ären espace personnel baifügen kennt.

## - Remerciements

Ech soen eiser neier Präsidentin, eiser Trésorière an allen alen an neien Comitesmembren en groussen Merci fir déi gudd Zesummenaarbecht.

En weideren Merci geeht un d´Membren vum Groupe de travail déi onermiddlech Stonnen an Stonnen iwwert den Gesetzestexter aus dem In- an Ausland getüftelt hun fir konkret Amendementer auszeschaffen.

Dann en läschten Merci un eis Membren an Donateuren déi eis esou gudd ennerstetzten , soit finanziel soit mat fachlechem Input.